



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère de la Santé

Dossier suivi par: JOMÉ Laurent  
Tel: 247 85510  
Email: [laurent.jome@ms.etat.lu](mailto:laurent.jome@ms.etat.lu)



Monsieur le Ministre  
aux Relations avec le Parlement  
Service central de Législation  
5, rue Plaetis  
L-2338 Luxembourg

Luxembourg, le 11 février 2020

Réf. : 830x79e7d

**Concerne:** Question parlementaire no 1693 du 10 janvier 2020 de Monsieur le Député Jeff Engelen

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse de la soussignée à la question parlementaire n° 1693 du 10 janvier 2020 de Monsieur le Député Jeff Engelen concernant "l'organisation des urgences médicales".

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération très distinguée.

Pr la Ministre de la Santé,

Anne Calteux  
Premier conseiller de gouvernement





**Réponse de Madame la Ministre de la Santé à la question parlementaire no 1693 du 10 janvier 2020 de Monsieur le Député Jeff Engelen concernant « l'organisation des urgences médicales ».**

1. Gëtt et zu Lëtzebuerg - Spidol iwwegräifend - eenheetlech Prozeduren, no deem tranchéiert gëtt, wéi séier e Patient muss medezinesch gehollef kréien? Wa jo, wéi gesäit dëse System aus?

De Règlement grand-ducal vum 25. Januar 2019 definéiert d'Exigences an d'Normen déi an den Services d'Urgences vun den Spideeler sou wéi an der Kannerklinik mussen agehale ginn.

Dëse Règlement gesäit fir, dass all Patient muss triéiert ginn, soubal hien sech an den Urgencë presentéiert, an dass d'Prise en charge vun den Patienten an den Urgencen op Basis vun engem niveau de priorité erfollegt, sou wéi vun der Échelle canadienne de Triage et de Gravité definéiert. Dës Échelle definéiert 5 verschidden niveaux de gravité déi mat 5 verschiddenen Délais de prise en charge – tëschent 0 an 120 Minutten - associéiert sinn.

2. Ass et an deem Kontext scho virkomm, datt dee betreffende System aus zäit- oder personaltechnesche Grënn net agehale konnt ginn?

An de leschten zwee Joer ass verstärkt zousätzlech Personal speziell an den Urgencë rekrutéiert ginn. Et sinn och eng Rei architektonesch Ännerungen un de Gebailechkeete vun de verschiddene Services d'Urgences virgeholl ginn, fir de Flux ze verbessern an esou zu enger Verkierzung vun den Délais'en bäizedroen.

Doriwwer eraus gesäit de Règlement Indicateure vir, betreffend d'Délais'en vun de verschiddene Prozesser an de Services d'Urgences, dorënner och d'Zäitspaan tëschent der Admissioun vum Patient a sengem éischte Kontakt mat engem Dokter, en fonction vun der Gravitéit vu sengem gesondheetleche Problem.

Dës Délais'en mussen all d'Spideeler dem Gesondheitsministère op enger järelecher Basis matdeelen.

De Ministère gouf bis dato nach net informéiert, dass de Prinzip vum Triage aus zäit- oder personaltechnesche Grënn net agehale konnt ginn.

3. Wann e Patient en Dossier vun engem Dokter mat an d'Urgence bréngt, gëtt dësen an all Fäll vun der zoustänneger Infirmière, respektiv dem Personal aus der Opnam, ugekuckt, als Bewäertungshëllef, wéi séier dem Patient muss gehollef ginn? Wann nee, firwat gëtt dësen Dossier net berécksichtegt?

D'Patiente ginn an den Urgencen un d'Rei geholl, en Fonktioun vun der Gravitéit vun hirem gesondheetlechem Problem. Wann aner Leit mat änlech schlëmme Problemer virstelleg ginn, dann zielt d'Auerzäit, wou si an den Urgencen ukomm sinn.



En Dossier vun engem aneren Dokter ass eng wäertvoll Hëllef bei der Prise en charge vum Patient. Esou een Dossier eleng dierft awer u sech keen Impakt hunn op den Délai vun der Prise en charge.

4. Ginn et - Spidol iwwergräifend - Reegelingen, wéi d'Personal, dat an den Urgencen tranchéiert, ausgebild muss sinn (z.B. wéi een Ausbildungsgrad dës Persoun muss hunn)? Wa jo, wéi gesinn dës Reegelingen aus? Wéi gëtt séchergestellt, datt dës Reegelingen och agehale ginn?

De Règlement vum 25. Januar 2019 gesäit fir, dass all Infirmier, deen de Poste vun "Infirmier d'accueil et d'orientation" besetzt, eng Formatioun zur Benotzung vun der Échelle canadienne de Triage et de Gravité a Minimum ee Joer Anciennetéit an engem Service d'Urgence muss virweise kënnen.

De Règlement gesäit iwwerdeems fir, dass d' Dokteren an d'Soignants aus den Urgencë mat de verschiddenen Niveaux de Priorité vun dëser Échelle musse bekannt sinn.

Allgemeng gëtt beim Rekrutement vun Dokteren an Infirmièren an den Urgencen op eng grouss Erfahrung an deem Beräich vun den Spideeler opgepasst.